



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, an der Madamm Inneministes, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°8178 vum 25. Juli 2023 vun der éierewäerter Deputéiert Madamm Octavie Modert iwwer "Dangers liés au bois mort"

Erkennt d'Madamm Minister, dass eng Gefor vun ofgestuerwene Beem fir de Pompjee bei der Bekämpfung vum Bëschbrand, oder och fir de Spadséiergänger am Bësch, besteet? Ass Sie sech och bewosst, wéi vill Schued Doudholz bäi Iwwerschwemmunge mat sech bréngt?

Doudeg Beem sinn ee wichtegt Element vun engem naturnoe Bëschekosystem an droen dozou bäi, dass de ganzen Ekosystem méi resilient géint all méiglech Ëmweltaflëss gétt. Doudeg Beem, ob se elo stinn oder schonns um Buedem leien, wierke wéi ee Schwamp, dee mat Waasser gefëllt ass, well si nach ëmmer bis zu 50% Waassergehalt opweisen an doduerch net esou liicht a Brand geroden. Wéi ee Waasserspäicher gétt Doudholz dem Bësch no an no dëst Waasser of (Floriantic et al., 2022)¹.

Am ufällegste fir Bëschbränn sinn net d'Lafbëscher, an deene just vereenzelt doudeg Beem stinn oder leien, mee et sinn éischer d'Nolebëscher déi och deels fläheg doudeg oder ofstierwend Beem opweisen, déi hei eng Gefor duerstellen. D'Nolebeem kënnen duerch den Haarz, dee sech an hiren Nolen an hirer Schuel befënnt, méi liicht a Brand gerode wéi Lafbeem. Ausserdeem stellen d'Nolen déi um Buedem leien nach een zousätzleche Brandbeschleuneger duer well si dozou bäidroen dass während dréchene Perioden d'Krautschicht am Bësch séier a Brand gerode kann an sech dann zu engem Buedemfeier entwéckele kann, dat sech séier kann ausbreeden. Besonnesch ufälleg fir Bëschbränn si jonk Nolebëscher, an deenen d'Beem nach no beienee stinn an d'Feier dofir séier vun engem Bam op deen anere sprange kann. Op där anerer Säit sinn natierlech Bichebëscher (deen heefegste Bëschtyp zu Lëtzebuerg) manner ufälleg fir Bëschbränn, well hir Krounen net esou séier a Brand geroden a well sech um Buedem vun de Bichebëscher keng Nole befannen, déi séier a Brand geroden an dann d'Buedemfeier nach verstärken.

An den ëffentleche Bëscher ginn d'Spadséierweeër regelméisseg vun de Fierschter vun der Naturverwaltung op geféierlech Beem hinn ënnersicht. Falls esou Beem sollten opfalen, hunn d'Fierschter kloer Instruktioune wéi si ze handeln hunn. Jee no Geforelag ginn d'Beem direkt oder eréischt méi spéit am Joer ewech gemaach.

An de private Bëscher ginn d'Spadséiergänger op hir eege Gefor hi spadséieren. Wann een Accident duerch Doudholz sollt geschéien, wäert mam Akraafttriede vum neie Bëschgesetz am Hierscht 2023 de geschiedegte Spadséiergänger mussen nowiese kënnen, dass de Bëschbesëtzer seng Virsuergpflicht net erfëllt huet.

Doudholz ass och eent natierlecht Element an a ronderëm d'Baachen an dréit zu engem gesonde Liewensraum bäi. Well Doudholz wichteg fir d'Biodiversitéit ass soll dëst och a Beräicher, wou de potentiellen Schued bedingt duerch Héichwaasser geréng, ass toleréiert ginn.

Déi Materialien déi an der Baach virkommen, wéi Doudholz, ofgebrachen Äscht asw. sinn net forcément d'Ursach vun Iwwerschemmungen: si kënnen, wann se vereenzelt mam Waasser

¹ Floriantic, M. G., Allen, S. T., Meier, R., Truniger, L., Kirchner, J. W., & Molnar, P. (2022).

Potential for significant precipitation cycling by forest-floor litter and deadwood.

© 2022 The Authors. Ecohydrology published by John Wiley & Sons Ltd

Ecohydrology.2023; 16:e2493.

<https://doi.org/10.1002/eco.2493>



ewegeschwemmt ginn, lokal zu enger Erhéijung vum Iwwerschwemmungsrisiko an dem Schuedenspotential bäidroen, haaptsächlech um Niveau vun hydraulische Bauwierker innerhalb vun Uertschaften oder vu Baachen déi duerch de Mënsch verännert goufen. Éischer sinn et eng net Héichwaassergerecht Bebauung an net natierlech Baachleef déi den Héichwaasserrisiko erhéijen.

Si Moosname geplangt fir e bessere Kompromëss ze fannen tëschent Biodiversitéit a Sécherheet, dat heescht: op der enger Säit dem Totholz a senger Funktioun fir de Naturschutz gerecht ze ginn, an op der anerer Säit d'Besäitege vum Totholz als potenzielle Brandbeschleuneger, respektiv géint Héichwaasserschued? Wéi wëll d'Regierung hei virgoen?

Wéi schonns uewe beschriwwen, ass doudegt Holz kee Brandbeschleuneger, mee ee wichtegt Element fir d'Biodiversitéit vun eise Bëscher an dréit dozou bäi, d'Resilienz vun eise Bëscher ze stäerken, sou dass dës hir villfälteg Ekosystemdéngschtleeschunge fir eis Mënsche weider erfëlle kënnen. Doudegt a vermodert Holz an eise Bëscher hëlleft awer och, duerch d'Späicherung vu Waasser am Holz, d'mikroklimatesch Bedéngunge positiv ze beaflossen, wat besonnesch wichteg ass an Zäite vun héijen Temperaturen. Am Kader vum Klimawandel dréit Doudholz duerch d'Späicherung vu Kuelestoff am Holz ausserdeem dozou bäi, dass een Deel vum Kuelestoff, dee sech ze vill an der Atmosphär befënnt, am Holz gebonne gëtt an eréischt no an no an de Kreeslaf zeréck kënnt.

Wat elo d'Gefor betrëfft, déi vun doudegen a liewege Beem ausgeet, déi bei Héichwaasser vum Waasser matgerappt ginn an dann d'Infrastrukture beschiedege kënnen oder zu Verstopfung féiere kéinten, do gëtt laanscht d'Baache bannent den Uertschaften, respektiv virun Infrastrukture reegelméisseg iwwerpréift, ob Beem mussen ewech geholl ginn. An der fräier Natur ass dat e bësse méi schwierig, well eis gréisser Waasserleef oft laanscht Bëscher fléissen, wou et net méiglech ass, iwwerall Sécherungsarbechten duerch ze féieren.

Während engem Héichwaasser gëtt allerhand Material matgeschwemmt a ka punktuell zu Problemer féieren. Allerdéngs ass et net just Doudholz, dat vun de Waassermasse matgerappt gëtt, mee och entwuerzelt vital (lieweg) Beem oder ofgebrachen Äscht. Dofir ginn an dëser Hisiicht bei Waasserleef wou een Héichwaasserrisiko besteet präventiv Moosnamen an Interventiounen ergraff, fir de Risiko an de Schued ze reduzéieren. An dësem Kontext kann een erwänen dass vill Gemengen domat amgaange sinn un Héichwaasser- a Staarkreenvirsuergekonzepter ze schaffen bei deenen verschidden Léisungen zu dëser Problematik virgeschloen an ëmgesat ginn.

Wéini wëll een d'Gesprécher tëschent dem CGDIS an der Naturverwaltung ofgeschloss hunn? Kënnen d'Ministesche schonn Detailer zu de Resultater vun dëser Reunione ginn

Den Austosch tëschent dem CGDIS an der Naturverwaltung, wéi och den anere Verwaltungen, ass ee permanente Prozess. Am Kader vun der nationaler Plattform fir d'Reduktioun vu Katastropherisiken, déi vum Inneministère initiéiert ginn ass, gouf dëst Joer och een Aarbechtsgrupp zum Thema Vegetatiouns- a Bëschbränn an d'Liewe geruff. De CGDIS an d'Naturverwaltung huelen nieft aneren Institutiounen un dësem Grupp deel. Am Ufank vum Summer ass zum Beispill eng gemeinsam Kommunikatioun² gemaach ginn, fir op d'Risiko vu Vegetatiouns- a Bëschbränn opmierksam ze maachen an de Leit déi richteg Verhalensregelen z'erklären, déi während der Vegetatiouns- a Bëschbrandsaison anzehale sinn.

² https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiques/2023/07-juillet/14-sensibilisation-risques-feux-forets.html



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Lëtzebuerg, den 26. September 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung